De Vlietlanden

Véier Kollege vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg haten sech opgemeet fir am Januar an Holland op den Hiecht fëschen ze goen, firwat Januar? Ma dat soll dee Mount am Joer si wou déi décksten Hiechte gefaange gi ….. Abee jo, awer natierlech nëmme wann d´Polderen net zougefruer sinn! Loosse mir direkt Katz aus dem Sack, wei mir ukomm si ware 95 % vun de Polderen déck zougefruer a sollten och net méi entdeeën esou dass eis näischt Aneschters iwwreg bliwwen ass wei déi ganzen Zäite mam Auto hin an hir ze fueren a Plazen ze siche wou an d´wéinstens ee bëssen op war. Mee der Rei no.....

De Patrick, de Jemp, de Misch a de Luss hunn sech Mëttwochs Moies bei gemittleche 5,5 ° ënner Null op de Wee gemaach fir an Holland mat der Méck op den Hiecht fëschen ze goen. Mir haten eis heivir schonn am Virfeld mam Eric Arbogast zu Rolleng op de Weiere getraff fir zesummen Hiecht Mécken ze bannen, heibäi war d´Stëmmung schonn héich geschloen an esou war et och net verwonnerlech dass mir eis déck motivéiert op de Wee gemaach hunn.

De Patrick hat um Virowend extra nach eng Kéier an der Receptioun vun de Vlietlanden ugeruff a krut do gesot d´Poldere wären nach net zougefruer esou dass mir eis do wéinst och keng Gedanke gemaach hunn. De Patrick, deen sech schonn an der Nuecht op de Wee gemaach hat huet eis dunn kuerz nodeems Hien ukomm war ugeruff fir eis ze soen dass d´Polderen iwwer Nuecht awer elo zougefruer wären, mee Hien hätt awer schonn an engem Lach virun enger Bréck wou ee Stéck op war no 10 Minutten een Hiecht vu gutt 85 cm gefaangen, dunn ware mir natierlech aus dem Haischen

an hunn eis ausgemoolt wei einfach et dach géif gi wann de Patrick schonn op der éischter Plaz deementspriechend zougeschloen hätt. Mee…… wäit gefeelt ewell et sollt fir laang Zäit de leschten Hiecht si wou mir ze gesi kruten.

An de Vlietlanden ukomm hunn mir séier eis Walisen am Haus dat mir gelount haten ofgestallt a scho ware mir am gaangen eis Staangen ze preparéieren. Mir haten eis als Taktik ausgeduecht net mat stolene Virfächer ze fësche, mee a Plaz fluor Karbon an enger Stäerkt vu 70 Honnertstel an ze setze wat eis geduecht mei Touche brénge sollt. Mee obschonns den éischten Dag nach dee war wou am meeschte Waasseruewerfläch op war, konnte mir awer nach net mol eng Touche kréien an Owes ware mir dunn scho wesentlech manner motivéiert, awer no ee puer Teller Spaghettien, ee gudden Pätchen roude Wäin an zum Ofschloss als Digestif ee gudde Whisky, nach ëmmer gudde Mutts.

Wann mir an Eppes Chance haten, da war et mam Wieder. Mir haten all Dag Sonn an den Dag iwwer waren et och plus Graden esou dass dorunner awer och guer Näischt aus ze setze war. Dat huet mat sech bruecht dass mir wonnerbar Owes an Mueres Stëmmunge konnten afänken.

Den zweeten Dag wei mir Moies opgestane si war d´Landschaft wäiss gepuddert an d´Poldere mat enger décker Äisschicht beluecht. Dat konnt dem Patrick awer Näischt un hunn an Hien huet sech op d´Sich gemaach fir eventuell awer nach eng Plaz ze fanne wou Hien ee bëssen zappe konnt. Dat war awer méi schwéier wei Hien sech dat geduecht hat mee et hat awer fir Eis de Virdeel dass Hien sech herno an der Ëmgéigend beschtens auskannt huet an och a Kontakt mat Eenheemesche komm war déi Him gesot hunn wou gutt Plaze wären.

De Misch, de Jemp an de Luss haten awer vum Dag profitéiert fir op Den Helder ze fueren wou Sie sech d´Nordsee ukucken waren. Den Helder ass eng wonnerschéin Stad mat engem groussen Hafen vun wou aus d´Fähren eriwwer op Texel fueren. Mir hunn et genoss ee bëssen iwwert d´Plage ze trëppelen an et hat eis net leed gedoen dovunner profitéiert ze hunn, wann mir schonn esou no beim Mier waren, fir déi hollännesch Küst eng Kéier ze gesinn. Nodeems mir eisen Trëppeltour hannert eis haten hunn mir natierlech och dovunner profitéiert fir eng kleng Paus anzeleeën. Mir waren dofir an den Hafe gefuer an hate laanscht d´Uwänner vun engem Kanal ee klénge Bistro ausgemeet wou mir agekéiert sinn. D´Spezialitéit vun dësem Bistro war, niewent der ganz spezieller Ambiance, och déi vill Béierzorten déi hei zerwéiert gi sinn. No eisem gemittlechen Intermezzo hunn mir eis dunn erëm déck zefridden op den Heemwee no De Vlietlanden gemaach.

Schlussendlech war et dach dem Patrick a mir vergonnt een Hiecht ze fänken och wann Dës schwéier erkämpft waren. Ech ka mech net erënner wéini ech mech fir d´Lescht esou iwwert ee Fësch gefreet hunn an och hunn missen sou ee grousse Wëllen un den Dach leeë fir awer zum Schluss belount ze ginn a glécklecher Weis war de Patrick an den Inault (säi véierbeenege Frënn) an der Géigend Déi mir gehollef hunn de Fësch ze lande well sos wär ech villäicht vun Opreegung och nach mat der Pans an d´Waasser gefall.

Mir haten Alles an Allem ee puer schéiner Deeg an Holland, eist Haus war mat allen Schikanen an huet eis immens gutt gefall och de Park an deem d´Haus stoung war formidabel ugeluecht, all Haus hat säin eegenen Zougang zum Waasser an d´Haiser waren alleguerte mat Polderen ënnert enee verbonnen, d´Fëschen hätt kéinten, nee missten, besser sinn et hätt een op mannst missen d´Méiglechkeet hunn fir ze fësche wat awer och guer net esou evident war. Mir haten ee flotte Spaghetti Owend, ee Moulen Owend an eise Kach, de Patrick huet eis mat esou munech anere Kreatioune wei seng Fëschzopp verwinnt. Duuscht hunn mir och net gelidden a wei ech scho beschriwwen hat war d´Wieder formidabel. Deen eenzege Manko war dass Bayern an der leschter Minutte den 2 – 1 geschoss huet, dat hätt net misse sinn an dunn si mir och direkt vun Enttäuschung an d´Bett gaangen an ech selwer war de leschten Dag krank ginn, dat hätt och guer net misse sinn. Mir waren eis awer Eens dass dat net déi leschte Kéier war wou mir an Holland op den Hiecht gefëscht hunn a wann mir erëm kommen da mussen d´Hiechten sech waarm undoen ewell dann huele mir Alles no wat mir dës Kéier verpasst haten. Ee faire Geste wëlle mir awer och nach ernimmen, eise Guide dee mir fir zwee Deeg gebucht haten huet eis un Virowend ugeruff fir eis mat ze deelen dass et kee wäert hätt dass Hien géif kommen ewell wann alles zougefruer wär kéint Hien eis och Näischt weisen an huet gesot Hien géif eis d´Suen déi mir schonn iwwerwisen haten zeréck schécken.